# Ouljer Musek a.s.b.l.

## Rapport Comitéssëtzung vum 7. Juli 2020

**Präsenzen:**

| | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| Jo Steffes | X | Sandra Goedert | X | Sandra Weyer | X |
| Paul Kieffer | X | Robin Braun | exc. | Steve Elcheroth | X |
| Tom Goedert | X | Jacques Krier | exc. | Liss Meisch | X |
| Jim Meisch | X | Pierre Steffes | exc. | Remy Steffes | X |

**<u>Op der Dagesuerdnung:</u>**

**<u>Accès Millen mat Proufsall.</u>**

Op d'Demande vum Jo gëtt de Gemengerot eis gréng Luucht fir den Accès op d'Millen. Et ass eis also erlaabt fir eis musikalesch Aktivitéiten op der Millen erëm ulafen ze loossen. Déi aktuell gëlteg Sanitärmoossnamen mussen allerdéngs strikt agehale ginn.

**<u>Summerprojet Museksvideo</u>**

Am Kader vun der Reprise vun eisen Aktivitéiten proposéiert de Sigi eis als Summerprojet e Museksvideo ze realiséieren. Eng éischt Museksprouf fir all Musikanten ass Mëttwochs de 15. Juli dobaussen an der Wiss hannert der Millen (virausgesat d'Wieder spillt mat) .Bei dëser Geleeënheet presentéiert de Sigi de Musikanten d'Detailer vun dësem Projet. Ureegungen an Iddiën vun de Musikante si wëllkomm  Als Museksstécker kommen a Froo:
Respect
Sweet Caroline
Downtown
De Sigi verdeelt d'Nouten un d'Musikanten
Et ginn Regësterprouwen ofgehale an zousätzlech och Prouwen mat engem Mix vu Regëster.
De Sigi mécht eng Doodle Ëmfro fir de Prouweplang festzeleeën.
D'Jugendmuseker sollen och mat an de Video agebonne ginn.
De Jim bekëmmert sech ëm d'Videoopnamen.
E Mëschpult an d'Mikroen gi vum Sigi a Jim zur Verfügung gestallt.
De Paul mécht e Mail fir d'Musikanten op déi éischt Prouf Mëttwochs de 15.Juli ze invitéieren. Rendezvous ass schonn um 19.15 Auer fir d'Still aus dem Proufsall op d'Wiss ze plënneren. Ufank vun der Prouf ass 19.30 Auer. D'Musikante si gebieden hiert Noutepult matzebréngen.

**Vizfest**

De Comité decidéiert fir trotz der aktueller Situatioun d'Vizfest net ganz falen ze loossen. D'Iddi ass fir e Vizfest-to-go oder Vizfest-take-away ze organiséieren. Deementspriechend verkafe mir eise selwer gemaate Viz (a Plastiksfläschen). Dernieft proposéiere mir de Läit fir op der Platz Ierzebulli, Hamburger a Fritten op Bestellung ofzehuelen. E Flyer mat den Donnéeën fir d'Virbestellung gëtt verschéckt. De Jim preparéiert e Flyer de mir elo schonn sou schnell wéi méiglech op eiser Websäit publizéieren.

**Hämmelsmarch**

Déi aktuell Covid Virschrëften erlaben eis den Hämmelsmarsch duerch d'Duerf spillen ze goen. Heifir deele mir eis an zwou Gruppen op. Eng zweet Tromm soll ugeschaft ginn.

**Chrëschtconcert**

Falls mir Problemer hätten e volle Programm nei anzestudéieren, proposéiert de Sigi eis fir eventuell Stécker vun deene leschten Chrëschtconcerten op de Programm ze setzen.

**Repaircafé**

Den Erléis vum Repaircafé beleeft sech op 640 €.
Obwuel eisen Undeel vun Aarbecht wäit iwwert deen vum Gaart&Heem erausgeet, decidéiert de Comité de Benefice gläich opzedeelen.

**Verschiddenes**

- Uniformen: Wëll e puer Musikanten nach net beim Modehaus Fischer passéiert sinn, kontaktéiert d'Liss déi Responsabel nach emol fir den Délais e bësschen ze verlängeren.
- Don: De Comité decidéiert en Don vun 30 € fir d'Gebuert vum Annick a Raoul Wecker-Schuller hirem Meedchen Julie.
- UGDA Covid Ëmfro : Op Demande vum Kulturministère, lancéiert d'UGDA eng Ëmfro fir festzestellen wéi grouss de wirtschaftleche Schued duerch de COVID-19 bei de Kulturveräiner ass. De Comité decidéiert fir bei dëser Ëmfro matzemaachen an den ausgefëllte Formulaire mat den Donnéeën vun de finanzielle Ausfäll un d'UGDA zeréckzeschécken.
- UGDA Flashmob : d'UGDA organiséiert Sonndes den 12.Juli e Flashmob an huet eng Invitatioun un all hir Membere verschéckt. Wéint dem groussen Opwand an der ze kuerzer Frist decidéiert de Comité fir hei net matzemaachen.
- Marschbuch: Eng Reorganisatioun vun eisem Marschbuch gëtt vum Sigi an Tom Kleren an Ugrëff geholl.

- Fotoalbumen: Den Paul Meyers hat dem Jo Albumen mat ale Fotoen vun der Ouljer Musek zur Verfügung gestallt. Hei sollte mir d'Fotoen scannen fir se an eist Archiv ze setzen. De Jim an d'Liss kucken op dat eventuell an der Nationalbibliothéik ka gemaach ginn.
- De Projet fir der Ouljer Musek hier Dokumenter an eng Cloud ze setzen op déi eng beschränkten Unzuel vu Comitésmemberen Accès hätten, gëtt nach emol an der Sëtzung ugeschwaat, ouni dass allerdéngsschon eng definitiv Léisung sech erauskristalliséiert. Affaire à suivre!

**Déi nächst Comitéssëtzung ass Dënschdes den 18.August.**